# Spillregele vum Fotosconcours “Ëmweltsënnen“

**Regel 1: Wéi kann ech matmaachen ?**
Du kanns matmaachen, wann’s du Freed um fotograféieren hues. Mat Hëllef vun dengem digitale Fotoapparat solls du „Ëmweltsënnen“ am Bild festzehalen. Ëmweltsënne sinn Saachen déi däitlech weisen, wéi een sech net soll verhalen, vis-à-vis vun eiser Ëmwelt.

**Regel 2: Wéi laang hunn ech Zäit Fotoen ze maachen ?**
De Concours fänkt den 2. Januar 2012 un an dauert bis Enn Mäerz. Du hues also dat ganzt 2. Trimester Zäit fir deng Fotoen ze maachen.

**Regel 3: Wéi een Fotoapparat brauch ech ?**
Du brauchs en digitale Fotoapparat mat enger gudder Opléisung.
Am beschten ass et net däin Handy ze benotzen, well d'Qualitéit vun der Foto drënner leit.

**Regel 4: Wou kann een iwwerall op d'Sich goen?**
Et geet ëm d'Schoul an alles wat mat a rondrëm d'Schoul ze dinn huet. Dir kennt also hei um Campus Geesseknäppchen op d'Sich goen, mä och am Quartier Belair a Märel an op ärem Wee vun doheem bis an d'Schoul.

**Regel 5: Wéi vill Photoe kann ech ofginn, a wéi maachen ech dat?**
All Schüler kann 5 Fotoe fir de Concours ofginn. Am Numm vun de Fotoen (d. h. de Fichiersnumm) soll de Numm vum Schüler a seng Klass stoen, z. B. Max_Frisch_6CM9_1, Max_Frisch_6CM9_2, a.s.w... . Déi 5 Fotoe sollen an der Tabell, déi dir hei op der Récksäit fannt, beschriwwe ginn. Dir fannt des Tabell och um webfolio vum Projet d’établissement http://tgal.web.myschool.lu/.
D’Fotoe kënn Dir ofginn:

- op engem Memory Stick oder enger CD an der Mediathéik (Sall N26) oder
- mat engem Email un marc.zimmer@education.lu, mä do muss Dir dann en Ziedel mat der Beschreiwung vun de Fotoe matschécken.

**Regel 6: Wien ass de Gewënner?**
Gewënner sidd der all, well mir organiséieren zum Schluss vum Joer eng Ausstellung mat enger Auswiel vun äre Fotoen. Dat heescht, do kann da jiddereen seng Biller presentéieren. Et ginn 3 flott Präisser verdeelt: en 1., en 2. an en 3. Präis.

**Regel 7: Bewäertung a Jury**
D’Jury besteet aus : Marco Breyer, Diane Jacques, Jean-Claude Salvi an Marc Zimer.
D’Jury iwwerwaacht de ganzen Oflaf a steet och fir Froen zur Verfügung.
Fir ze gewannen, muss een sech un dës Spillregelen halen a richteg schéi Fotoe maachen.

VILL SPASS!

Grand-Duché de Luxembourg
**ATHÉNÉE DE LUXEMBOURG**
**Projet d'établissement *think globAL – act locAL***
*Global und vernetzt denken, nachhaltig handeln*
*(nicht nur) in der Schule* (2010-2014)

# PHOTO CONCOURS 2012

**Numm:** **Virnumm:** **Klass:**

| | |
|---|---|
| Photo 1 | |
| Titel: | |
| Datum: | |
| Wat ass et ? | |
| Wou ass et ? | |

| | |
|---|---|
| Photo 2 | |
| Titel: | |
| Datum: | |
| Wat ass ëtt ? | |
| Wou ass ëtt ? | |

| | |
|---|---|
| Photo 3 | |
| Titel: | |
| Datum: | |
| Wat ass ëtt ? | |
| Wou ass ëtt ? | |

| | |
|---|---|
| Photo 4 | |
| Titel: | |
| Datum: | |
| Wat ass ëtt ? | |
| Wou ass ëtt ? | |

| | |
|---|---|
| Photo 5 | |
| Titel: | |
| Datum: | |
| Wat ass ëtt ? | |
| Wou ass ëtt ? | |